Hierschtvisio'n.

1918.

Knapps sin eran d'lèscht Summergarven,
Da gêt de Summer fort am Irscht,
Da kritt d'Natur -- mat Pastellfarven —
Hirt Feierklêd vum Moler Hirscht.

Ech stin am Bösch, so' ganz eleng,
A wuer ech kucken, wat eng Pracht!
Nê! Märercher we' do get et mol keng
An «Tausend und eine Nacht!»

Dat klorst-rengt Gold hènkt iwer mir,
Et dauscht an all Gestreîch;
All Bliedche bletzt, net ênt ass dir,
Ké Kinnek wor so' reîch.

An aus dem Wonnerglanz eraus
Huet Purper ro't gefonkelt.
Ech ko'm net fort; beim Bliederhaus
Stong ech nach, we' 't gedonkelt.

Op émol lêft en Ziddern durch d'Gold,
Et rausche vill dausend hell Stemmen:
«Bezuelt ass nun entlech der Menschhêt hir Schold!
«Wa si et verstan a verhal huet dach nemmen!»

«Datt fir d'fenneft lo net me' de weîsse Schne'
«Sech firft mat dem Blutt vun de Bèschten!
«Datt endlech en Enn kritt de Mammen hirt We',
«An de Schoss, dén lo donnert, de lèschten!

«Datt frédeg a blenkeg den Hoffnongsstir
«Sech he'ch soll erhiewen um Himmelszelt!
«Datt hie lîcht durch all Länner bis weit iwer d'Mir,
«De Menschen allgurt op der Welt!

«O Gleck iwer d'Menschhêt, ke'm an d'Welt nês Fridden!
«We' sche'n ass den Hirscht mat deser Visio'n!
«Am mêschten spirt d'Gleck, wien dat mêscht gelidden.
«O Fridden! O Fridden! Bleif keng Illusio'n ....»

Ech stin a kucken an de Bam,
Dé ganz a seng Pracht mech welt begruewen.
Ech kucken an drémen (jo, wor et kén Dram?),
Du gesin ech am Gold ston do uewen:

D'Wurt «Pax» geschriwe mat gro'ssen Zéchen,
All Buschdaf mat Rübie reich besat. —
Wie sét mer, ob dat Bild do keng Séchen,
Ob ech net am Dram mat mir sèlwer geschwat?

Ysiem.